Eschduerf, den 8. Januar 2026

**Pressecommuniqué**

No der Demissioun vum Buergermeeschter Laurent Hilger de 16. Dezember informéiert d'Fraktioun vun der Biergerlëscht „Mat iech!", datt si eng nei Opstellung fir de Schäfferot proposéiert, déi an engem nächste Gemengerot zur Ofstëmmung bruecht gëtt.

An dësem Kader géif d'Mireille Welter als Buergermeeschtesch virgeschloe ginn. D'Funktioun vun der 1. Schäffin géif vum Jenny Schank weidergefouert ginn, an de Jeannot Sanavia géif als 2. Schäffe proposéiert ginn.

Dës Propos garantéiert d'Kontinuitéit vun der politescher Aarbecht, an erlaabt et mat Rou an Zouversiicht eis Gemeng konstruktiv, transparent a verantwortungsvoll weiderzeféieren.